

**Amicale  
des Enrôlés de Force**

**Victimes du Nazisme**



Dudelange, le 5.4.85

**Section de Dudelange**

Invitation

Monsieur le Directeur,

La section de Dudelange des enrôlés de force fêtera cette année son 40e anniversaire. A cette occasion une exposition avec des photos, documents et objets en relation avec l'enrôlement de force sera montée du 28 avril au 5 mai. Quelque 600 exemplaires, beaucoup inédits y éveilleront certainement un intérêt tout particulier. La jeunesse d'aujourd'hui pourra s'y renseigner sur une période tragique de notre peuple et spécialement sur le calvaire imposé aux Luxembourgeois des classes 1920 à 1927.

Pour vous donner de plus amples précisions sur cette exposition et vous remettre quelques photos et documents, nous invitons à une conférence de presse qui aura lieu à Dudelange

Mardi 23 avril à 17 heures  
dans la salle du café " An der Griet "  
2, rue Antoine Zinnen (près de l'église)

Nous espérons qu'il vous sera possible d'y déléguer un correspondant et vous prions d'accepter, Monsieur le Directeur, l'expression de nos sentiments distingués.

Le secrétaire

Jos Benoit

Le président

Jos Weirich

ADAM Paul	1922	ANISSET Henri	1922	BARACIA Fern.	1922
BARATTE Lambert	1926	BAUMANN Auguste	1922	BEBING Georges	1921
BECK Nicolas	1923	BECKER Jean	1921	BECKER J. Mathias	1923
BECKER Marcel	1920	BENOIT Georges	1921	BENOIT Henri	1926
BERNARD Joseph	1924	BIEVER Pierre	1925	BINSFELD Nicolas	1920
BIREN Paul	1922	BLANG Antoine	1925	BLITGEN Victor	1924
BODRY Alphonse	1925	BUCARI Jean	1926	CARMES Florentin	1922
BUCARI Joseph	1925	CESTAR Louis	1925	CLAUSSE Henri	1923
CONTER Albert	1920	DABOIR Jean	1925	DEFRANG René	1921
DELL Jean	1924	ECKER Nicolas	1925	EWERT Théophile	1924
FABRY Gustave	1924	FEYDER Eugène	1922	FISCH Emile	1921
FISCHER Georges	1923	FLAMMANG Henri	1921	FLAMMANG René	1921
FRANTZEN Marcel	1923	FRIES P. François	1926	FROHBERG Mathias	1920
FÜRST M. Jean	1921	GAASCH P. Charles	1925	GEHLHAUSEN Nic.	1924
GAASCH Jean	1920	GOBBO Carlo	1920	GODAR Nicolas	1922
GOERENS Félix	1920	GRAF E. Pierre	1922	GRUN Auguste	1923
GUDENDORF J.P. Eug.	1920	GUDENDORF Léon	1924	HALSDORF Robert	1921
HAMMES J.P.	1922	HAUPTERT René	1922	HESS J.P.	1920
HILBERT Jean	1924	HIRSCHLER Frédéric.	1923	HOUDREMENT Jean	1921
HIRSCHLER Robert	1925	HUMBERT Jean	1920	JACOB Joseph	1923
JACOBY Edmond	1923	JADIN Félix	1920	JOACHIM Clement	1924
JUNCK Mathias	1923	KAMP Jean Jacq.	1922	KETTEL Nic.	1920
KIEFFER Jean	1923	KIRPACH Emile	1921	KIRPACH Joseph	1925
KLEIN Jean	1924	KOCH Nicolas	1923	KOENIG Pierre	1923
KONS Eugène	1921	KONS François J.P.	1925	KRAEMER Henri	1920
KRAEMER Pierre	1924	KRE Marcel	1922	KREMER Guillaume	1924
KREMER Henri	1920	KREMER Jean	1922	LEGUILLE Emile	1920
LERUTH J.P.	1922	LIBAR Nic.	1925	LINDEN Nicolas	1921
LOMMEL Marcel	1925	LORANG J. Bapt.	1922	LORANG P. René	1920
MAJERUS Mathias	1925	MANGEN Nic. Guil.	1925	MATHIEU Eugène	1923
LELCHIOR Edouard T.	1923	MEURER Marius	1921	MICHELS Léon	1924
MOLITOR Frédéric	1921	MOLLING Roger	1922	MORBE René	1925
MULLER Raymond	1926	NEHS Mathias Marc.	1920	OBERWEIS Jean	1924
PARRASCH Dominique	1920	PISSULLA Werner	1920	PRETI Joseph	1923
PUTZ Jean	1920	RAULAND Michel	1922	REGNERY J. Hubert	1920
REINERT Henri	1923	REISEN Math. P.	1920	REUTER François	1923
ROMMELFANGEN Cath.	1924	ROMMELFANGEN P.	1923	SADLER Joseph	1925
SADLER Roger	1922	RUBBINI Joseph	1920	SCHAEFFER Mich. A.	1922
SCHILTZ P.J.	1923	SCHINTGEN Jean	1923	SCHLOESSER Alfred	1920
SCHLOESSER Léon	1922	SCHMELER Roger	1925	SCHMIT Arthur	1923
SCHOLER François	1924	SCHOLER J. Mich.	1920	SCHROEDER J.P.	1922
SCHULER P.M.	1924	SCHULLER Jean	1924	SCHUMACHER Etienne	1920
SIENER Jean	1921	SPANIER Mathias	1920	SPRUNCK Jean	1923
STEINES Roger	1921	STEMPER René	1922	STENDEBACH Jean P.	1920
STENDEBACH Pierre	1922	STOFFEL Jean	1922	STRAINCHAMPS Théop.	1924
THEIS Albert	1924	THEOBALD Paul	1925	THOMA Edmond Nic.	1926
WAGENER J.P.	1925	WAGNER Jean	1923	WAGNER Nicolas	1920
WAHL J.P. Charl.	1920	WAHL Louis	1926	WANDERSCHIED Alb.	1925
WEALER Albert	1920	WEBER Raymond	1922	WEYLAND Nic.	1924
WIRTZ Marcel	1923	WÖFFLER Nicolas	1922	WOLFF Marc. Math.	1920
ZUANG Ernest	1926				

Nodeem eng gréisser Zuel vu Jongen déi an d'preisesch "Wehrmacht" gezwonge waren, sech Ufank Oktober 1944 am "Westeschgaart" zu Lëtzebuerg zesumme fond haten, an doerënner och Diddelénger, an d'Grënnung vun der Ligue "Ons Jongen" beschloss war, stung och fir dës Diddelénger den Entschloss fest eng Sektioon zu Diddeléng op d'Been ze setzen. D'Komerode Frantz Germain, Schaak Roger a Jos Weirich invitéiere fir den 8. Februar 1945 an eng Grënnungsversammlung an de Sall beim "Ro' de Franz" (Propriétaire Reuter-Eiffes) op Tattebiërg. De Sënn, Zweck an d'Ziller vun der Ligue "Ons Jongen" gin hei vum Jos Weirich erklärt. D'Grënnung vun der Sektioon Diddeléng gët eestëmmeg beschloss an de provesoresche Sektionscomité setzt sech aus deenen heite Komeroden zesummen:

Weirich Jos	Frantz Germain	Schaak Roger
Schumacher Albert	Pauly Gust	Boly Jacques
Peters Jean	Grethen Robert	Marcel Steinmetz
Mathias Becker	Arnold Schmit	

An dëser Versammlung proposéiert den Dominicy Pier, Chef vun der Miliz, der neier Associatioun, am Milizcamp e miwwléierte Büro zur Verfügung ze stellen. Dës Propositioun gët mat Applaus acceptéiert. Déi éischt Sëtzung vum Comité as de 17.02.1945. D'Comitéscharge gi wéi follegt festgeluecht:

Président: Jos Weirich - Vize-Président: Albert Schumacher - Sekretär: Germain Frantz - Sekretär-adjoint: Marcel Steinmetz - Trésorier: Schaak Roger - Trésorier-adjoint: Gust Pauly - Assessoren: Mathias Becker - Jacques Boly - Arnold Schmit.

De Büro, op Zëmmer 2 am Milizcamp, an der Parkstrooss, fréier Dancing Goergen - haut Café-Restaurant Piscine - as all Dag op vun 3 bis 6 Auer, ausser Samschdes a Sonndes.

Den 2. Mee 1945 as um 19 Auer am Milizcamp déi 4. Versammlung vun der Sektioon. D'Komerode Germain Frantz, dee sech an d'lëtzebuërger Arméi gemellt huet, an den Arnold Schmit, dee mat der amerikanescher Arméi an Däitschland geet, gin duerch Grethen Robert a Graf Pier ersat. D'Sportsektioun ënnersteet dem Graf Pier.

Vum Germain Frantz kritt de Comité den 12.08.1945 eng Kaart aus dem WROTHAM CAMP Sevenoaks - Kent an England. Säi Posten als Sekretär as vum Felix Mohren iwerholl gin. D'Haaptaufgab war d'Jongen déi schon doheem waren an no an no an d'Hemecht zeréckkoumen ze erfaassen. Dës Kartei liwwert ons haut nach séier interessant Renseignementer. D'Suerg, esouwuel vum Zentralcomité wéi och vum Sektionscomité war déi nach doheem Feelend ze fannen an esou séier wéi méiglech heem ze bréngen. D'Elteren vun de Gefalenen a Vermësste waren a groussem Leed. Zu Lëtzebuerg huet sech d'Eltereverenegung an eng Associatioun ze konstituieren opgedrängt an och Diddelénger Eltere waren dobäi séier aktiv. Déi driewend Kraaft waren an der Stad ënner anerem d'Häre Paul Simonis an de Professor Edmond Oster (+den 30. Oktober 1965; onse Fuendel war mat enger staarker Delegatioun op dësem Begriefnis), an zu Diddeléng d'Häre Schmeler Mett, Bodry Alfonse, Grün a Kieffer Nicolas.

Gutt Noriichten aus der Friemd gi gläich publizéiert wéi d'Copie op der Säit 7 weisst.

Ons Delegéiert huelen un de Sëtzungen iwwert Epurationsmesuren, déi vun der LPPD ageruff goufen, deel. Dës éischt Sëtzung war de 26.07.1945.

Periodesch huet ons Sektioon och e Mëmber am Zentral-Comité vun der Ligue "Ons Jongen" gestallt. Et waren dat d'Komeroden Jos Weirich, Theobald Paul a Jempi Linden.

Well ufanks 1946 nach iwwer 3.000 Lëtzebuenger an der Hemecht felen a vun deene keng Noriicht virläit, gët versicht d'Recherche vun hinnen ze erliichtereren duerch Foto-Projectionen am ganze Land. Dës Aktioun gët gestaart duerch de "Service de Recherche" vun der Ligue "Ons Jongen". Zu Diddeléng war dës Virféierung den 21. Mäerz 1946 um 8 Auer am Cinema Palace (Nickels).

De 17.07.1946 muss onse Büro geraumt gin, fir en der Lëtzebuenger Arméi zur Verfügung ze stellen. Onse Büro gët op Zëmmer 36 an d'Gemeng verluecht. En as Dënschdes a Freides vu 6 bis 7 owens op. De Comité besteet elo aus folgende Komeroden: Präsident: Jos Weirich - Vice-Präsident: Theobald Paul - Sekretär: Felix Mohren- Sekretär-adjoint: Schmitt Roger - Caissier: Roger Schaak - Caissier-adjoint: Pauly Gust - Assessoren: Arend Hubert- Graf Pier - Hanff Mett.

D'Diddelénger Jonge wëllen awer och esou séier wéi méiglech e "Monument aux Morts" an hirer Stad opriichten an domadde sécheren, dass d'Undenke vun deenen déi hiirt Liewe fir d'Hemecht gin hun, garantéiert as. Och d'Ausschaffe vun enger "Brochure commémorative" mat de Fotoë vun de Gefalenen a Verméssten gët an Ugrëff geholl. D'Copie vun engem Formular an dëser Affaire as op der Säit 7 opgedréckt.

De 15. Oktober 1950 um 15 Auer as d'Aweiung vum "Monument aux Morts" un deër sech all Lokalvereiner bedelegen. Natiirlech och ons Sektioun "in corpore" hannert onsem Fuendel. Ons Sektioun huet e wesentleche finanziellen Undeel fir d'Oprichtung vum Monument beigedroen.

Och un e Fuendel fir ons Sektioun huet de Comité scho mat Zäite geduecht. D'Schwësteren aus dem Klouschter (Pensionnat des Soeurs de la Doctrine Chrétienne) an der Suuftgener - Stross hun e gebitzt. Deemools war et nach nët Moud e Fuendel an enger grousser Inaugurationsfeier dem Veräinze iwwergin. Mä den 31. August 1946, bei der 2. Journée "Ons Jongen" zu Lëtzebuerg, as ons Sektioun a grousser Mass an houfreg fir d'éischt hannert onsem neie Fuendel marschéiert.

Awer och un den Amusement as erëm geduecht gin. Deemools ware fir déi 18 bis 25 Joer al Meedercher a Jongen am Schnëtt 3 Joer vun hirer beschter Jugendzäit am Krich, an der Deportatioun, un der Front, a Gefaangenelager, Maquis a Stoppe verluegange. Nach waren 1945 öffentlech Baler nët erlaabt. Dofir konnten awer "en société close" Soireën organiséiert gin. An dat huet ons Sektioun gemat. Wäin a Schnaps déi deemools och nach an der Minettgéigend méi oder wéineger "rar" waren, si mir op d'Musel privat bei Frënn a Bekannte kafe gaangen. De Verkaf an onser "Bar" op dëse Soireën huet onser Kees gutt gedoen. Esou hate mir den 1. Mee 1945 vun 19 Auer un am Gewerkschaftsheem eng "Soirée en société close", wéins dem Départ vun onsen Komerode vun de Joergäng 1925 an 1926, déi nees doheem, elo erëman d'obligatoresch lëtzebuenger Arméi agezu goufen.

Och eng egen Theatertrupp huet ons Sektioun op d'Bee gestallt, an hat esouguer säin "egenen" Orchester. De 14. an de 15. Abrëll 1945 gouf am Cader vun engem "patrioteschen Owend" d'Theaterstéck "d'Chambre garnie" opgefouert. "D'Dicksiana" deemools ganz "en vogue" gouf gesonge vum René Bodry an um Piano begleet vum deemolegen Diddelénger Organist Norbert Thill. Och an aner Sektiounen, wéi z.B. zu Gréiwemaacher an zu Réimech, hu mir fir si Theater gespilt a Soireën organiséiert. Heihinner si mir da mam "Conrad's Jeng" séngem Mëllech-Camion gefuer. Op 2 hëlze Bänken, hannen an der baschéierter Këscht, mat maximal 70 km an der Stonn, goufen ons "Artisten a Musikanten" iwwer Land kutschéiert. Vun engem komfortable Bus keng Spur! Awer trotzdem glécklech, zefridden an echt komerodschaftlech.

De Felix Mohren war e mustergültege Sekretär an d'Séil vun onser Sektioun. Bis zu séngem Doud, de 6. Oktober 1963, huet hien a peinlechst genauer Aarbecht, zouverléisseg a mat grousssem Dévouement d'Sekretariat, an esou guer Zäitweis duerzou d'Kees gefouert. An de Krisenzäite vun der Ligue "Ons Jongen", wéi eng Sektioun no der anerer entschlof as, an den Zentralcomité d'Knëppele bei d'Tromm geluecht huet, huet onsen onermiddleche Sekretär séng Aarbecht weider gemat, d'Sektioun

an der Riicht gehalen, Versicher ennerholl onsen Zentralcomité ërem opzeréselen, an d'Komerodschaft esou gutt wéi et méiglech war ze halen. Esou goung de 7. März 1949 den "Offener Brief" (copie op der Säit 8) vun der Ligue "Ons Jongen", Sektoun Diddeléng, un all Sektoune vun der Ligue "Ons Jongen".

Leider bloufen all dës Efforen ouni Erfolleg, an d'Ligue "Ons Jongen", wat hir Central-Ledung betrëfft, entschléift ganz a guer. Dofir gin awer d'Centralcomité-Membere Fandel Romain, Wohlfahrt Jos a Gremling Jean desto méi politesch aktiv. Als aktiv bleiwen d'Sektoune Réméléng, Dikrech an Diddeléng.

1959 gët de sougenannten däitsch-lëtzebuenger Reparatiounsvertrag vum deemolege lëtzebuenger Ausseminister Schaus Eugène ennerschriwwen. Allerhand Gerüchter fänken un am Land heieriwwer ze zirkuléieren. Fir Opklärung ze kréien, lued d'Sektoun Diddeléng den 30. März 1960 an d'Generalversammlung am Sall vum Hotel Frantzen. D'nopesch Sektoun Réméléng gët invitéiert, genä wéi och Verrieder vun der LLMIG, der Amicale vun den Tambower, an der Eltereverenegung, déi Opschloss solle gin. Op Virschlag vum Diddelénger Mëmbler, dem Komerod Pol Theobald, soll en "Aktiounscomité" gegrënnt gin. Den 12. Abrëll 1960 versammele sech Delegéiert am Café vum Mëmbler Erwin Barthel an der Suuftger-Strooss, an den "Aktiounscomité" gët definitiv gegrënnt. Eng Woch drop gët am selwechte Lokal eng weider Sëtzung ageruff, wou d'Charge wéi follegt verdeelt goufen: Präsiident: Jos Weirich - Sekretär: Paul Meyer. Weider Comitésmembere waren: Nic Adam, Abbé Jean Bichler, Nic Daxhelet, René Didier, Aly Hengesch, Roger Reiffers, Mathias Scholer, Gust Schweich, Mme Marguerite Steffen, Norbert Stein, Roby Tix, Raymond Welter, René Jäger, Fernand Hurst, Mme Madeleine Lemmer, an Henri Michaux. Elo erwächen d'enrôlés de force erëm. D'Associatioun vun den enrôlés de force, victimes du nazisme, gët an Liewe geruff an als Daachorganisatioun d'Fédératioun des victimes du nazisme enrôlés de force.

D'Öffentlech Aktivitéit an der Sektoun Diddeléng bléit erëm op.

De 6. Oktober 1963 trëfft en uerge Schlag ons Sektoun. D'Begriefnis vum Felix Mohren gët en eemolege Bewäis wat Komerodschaft heescht. Nach ni war ons Sektoun bei kenger Geleënheet - esou a Mass a komplett vuertrueden, wéi an dësem Trauerzuch. Wien nët konnt do sin, sief et datt hien huet misse schaffen, sief et datt en onméiglech konnt do sin, war vuertrueden duerch Fra oder Mamm, Kanner oder Elteren. Kee wollt felen oder nët vuertruede sin, fir esou dem Felix e leschte Merci ze soen.

Déi lescht Generalversammlung, an deër de Felix Mohren den Tätigkeetsbericht gemat huet, war den 9. Abrëll 1963. Uweisend waren 208 Memberen. 1963 hat ons Sektoun den Hechststand mat 558 Mëmbere errecht. D'Cotisatioun as 50.-fr.

De Marcel Barthels iwerhëlt als Nofolger vum Felix Mohren d'Sekretariat. 1964 besteet de Comité aus dëse Leit:

Weirich Jos Präsiident	Arend Hubert, Vize-Präsiident
Barthels Marcel, Sekretär	Barthel Erwin, Caissier
Linden Jempi	Kalmes Robert
Bichler Jean	Rosseljong Tunn
Schaeffer Luc.	Schmit Nic.
Dahm Will	

Als Verrieder vun de Medercher:

Mme Theobald Nelly - Mme Alice Lentz-Scherff - Mme Fuchs

Als Verrieder vun den Elteren:

Mme Dell - den Här Bodry an den Här Grün

Porte-drapeau: Millim Néckel - Ersatz: Ehses Néckel

Vun de spektakulärsten Aktivitéite vun onser Sektoun, gin d'Baler vun den enrôlés de force am Sall Heuertz, déi elo erëm opliewen. Si zielen an de Joeren 1964 a 65 a 66 zu deene schéinste vun Diddeléng. Och lëtzebuenger Owenter hu grouse

Sucsès. Excursiounen gin organiséiert: ënner aneren an de Méllerdall, Iechternach, Duelem, Menster, Kauneref an Eien.

Den 21. Mäerz 1965 feiert d'Sektioun hirt 20 jeeregt Grënnungsfest.

Den 12. an 13. Juni 1965 bedeelegt sech och d'Sektioun mat enger staarker Delegation um internationalen Treffere vun den enrôlés de force zu Colmar am Elsass.

Den 13. d. 1968 gin déi éischt 16 "Médailles de la Reconnaissance Nationale" u verdingstvull Diddelénger iwwerrecht.

Natürlech as ons Sektioun bei allen Nationale Protest- a Gedenkmanifestatiounen mat staarken Delegatiounen vertrueden. Och sin ons Delegéiert an alle regionale Commissiouns-Sëtzungen derbäi.

Stiefesdag gët un ons Gefalen a Vermëssten an enger Mass a mat Blummennéierleë beim Monument geduecht. Zentër der Grënnung vun onser Sektioun as zu Diddeléng dëse Gedenkbrauch net méi ewech ze denken.

D'Kiirch as an dëse Joere bis op déi lescht Plaz gefëllt.

De 27. September 1970 bedeelegt sech ons Sektioun mat 90 Diddelénger Komeroden a Frënn um groussen internationale Rassemblement vun de "Malgré-Nous" an den enrôlés de force zu Colmar am Elsass. 650 Lëtzebuerger ware présent. Onse Prësident als Nationalprësident a Prësident vun der Fédération Internationale des enrôlés de force hält virun dësen 12.000 Uwiesenden eng duech vill Applaus ënnerbrache Ried.

En zweeten uerge Schlag trëfft ons Sektioun, wéi Ufank 1971 de Marcel Barthels stënterlech erkrankt a séng Demissioun als Sekretär muss gin. Trotz enger schwéierer Kappoperatioun stieft hien den 9. Juli 1972, an op ausdréckleche Wonsch vun der Famill, gët hien an aller Intimitéit um ale Kierfech bäigesat. Mat Äifer huet de Marcel dem Felix séng Aarbecht virugefouert an deen deemools scho groussen Archiv vun der Sektioun weider ausgebaut. Doeriwwer eraus huet hien och de Poste vum Sekretär-Trésorier vun der Diddelénger Eltereverenegung versuergt. Fir all séng Leeschtunge gouf hien am Joer 1965 mam "Ruban en Argent" ausgezeechent. Gefälleg an ëmmer hëllefsbereet, wéi hien all säi Liewe war, stoung hien och mat Rot an Dot séngem Nofolger Kerg René zur Säit. Knapp 14 Deeg viru séngem Doud hat hien nach u Bespriechungen am Sekretariat vun der Diddelénger Sektioun deelgeholl.

Am Bericht iwwert d'Generalversammlung vum 25. Mäerz 1972 am Hotel Hild, liese mir, dass d'Sektioun 434 Mëmbere zielt an de Comité aus folgende Mëmbere besteet:

Jos Weirich, Prësident - Hubert Arend, Vize-Prësident, René Kerg, Sekretär, Jean Fox, Caissier - Jean Back - Nic Sturm - Antoine Rosseljong - Nic Schmit - François Feller - Robert Woeffler - Lucien Schaeffer - Will Dahm - Kieffer Nic - Bodry Alphonse a Mme Dell als Verrieder vun den Elteren.

D'Joffer Alice Libar an d'Madame Nelly Theobald, Verrieder vun de Medercher.

1978 iwerhëlt de Lucien Schaeffer d'Sekretariat.

D'Archiven bleive beim René Kerg zu Betebuerg.

De 6. März 1978 muss den Här Bodry Alphonse aus Gesondheitsgrënn de Poste als Prësident vun den Elteren opgin.

Och dem Komerod Fox Jeng séng Gesondheet as schlecht an hie reecht 1980 séng Demissioun als Caissier an; e Poste deen hien zënter 1969 mat vill Devouement besat huet. Säin Nofolger gët den Arsène Diederich. An der Generalversammlung vum 21.02.81 gët dës Postebesetzung bestätegt, an de Comité kënn zousätzlech de Benoits Jos. An dëser Versammlung kritt de Fox Jeng fir séng laangjäreg Aarbecht de Merci mat der Iwwerréchnung vum "Disque" vun der Sektioun Hesper ausgedréckt. Séng Fra,

d'Mina gouf mat Blumen geéiert. De 16. Juni 1974 gewënnt d'Sektioun Diddeléng bei der Promenade Surprise des edf d'Coupe vun der Fédération an organiséiert de 15. Juni 1975 dës Promenade zu Diddeléng. Jidder Participant kritt als Erinnerung eng extra fir deen Dag an der Géisserei zu Diddeléng gegossene Tak. Bei der Promenade Surprise den 12. Juni 1977 zu Walfer, gewënnt de Grupp II vun der Diddelénger Sektioun ënnert der Ledung vum Arsène Diederich, fir d'2te Kéier d'Coupe an de Grupp I d'Coupe Norbert Jungbluth. Den 18. Juni organiséiert dann och d'Sektioun erëm d'Promenade 1978.

Zënter dem 14. September organiséiert ons Sektioun all Joer am Home Belvedere vun de Grénge Scouten op der Weich eng Grill-Party mat Spiller a Musek fir hir Membere a Frënn. Am Lâf vun de Joere gin awer och nach zousätzlech gemittlech Owendter an Ausflich organiséiert. Esou z.B. 1980 gin d'Forte vun der Maginotlinn (Hackebierg) besicht mat enger Ofschlosssoirée beim "Lucienne" zu Suuftgen.

Bei de Walen, den 19. Juni 1979, gët op de Lëschte vun den enrôlés de force de Président Jos Weirich an d'Châmber gewielt.

Den 20. Mee 1980 as de Nationalkongress vun der Association des enrôlés de force, victimes du nazisme, zu Diddeléng. Dofir hat ons Sektioun en extraen Organisationscomité agesat. Président war de Benoit Jos an ausser de Comitésmembere hun aktiv matgeholl de Molitor Jemp an de Müller Henri, deen d'Transparenter an d'Dekoratioun gemat hat. De Congress war am neie Veräinshaus a beim Eierewäin op der Gemeng huet de Minister Jean Spautz d'Komerode mat de "Ruban en Argent et en Or" dekoréiert. Am Joer 1981 staart ons Sektioun eng Campagne géint d'Atomkraftwierk zu Cattenom. De Müller Henri moolt d'Transparenter wouvunner e grousst op d'Bréck bei de Wuermerénger Douane opgehaange gët. (Foto op der Säit 18)

Den 13. März 1982 gët aus Gesontheetsgrënn de Sekretär Lucien Schaeffer séng Demissioun. Den 13.01.1983 reecht och de Komerod René Kerg séng Demissioun als Comitésmember an. Fir séng 13 Joer Archivar, an dovunner 9 Joer Sekretär, as him de Merci vun de Membere secher.

Vun 1983 un, huet d'Madame Fox Mina d'Charge als "Encaisseuse" iwerholl. Si mécht dat mat grousser Gewëssenheet a Kompetenz.

An der Generalversammlung, den 19. Februar 1983 kënnst op Dränge vun den uwiesende Membere de Komerod Benoit Jos nees an de Sektiounscomité an en iwerhëlt de Posten als Sekretär. Fir d'éischte Kéier as an onser Sektioun virun der Generalversammlung um 7 Auer e Komerodschaftlecht Iessen.

1983 gët och déi nach vakant Plaz am Comité vum Komerod Pütz Jos besaat. Eise laangjäreg Fuendeldreier Ehes Néckel muss aus Gesontheetsgrënn séng Demissioun gin. E gët ersat duerch de Komerod Reger Aloyse. De Komerod Ehes verléisst eis den 2.05.1983.

Folgend Komeroden hun am lâf vun déne 40 Joer och nach dem Comité ugehei'ert:  
Linden Mich - Theis Ed - Mme Lentz Scheff Alice

Am Lâf vum Joer 1984 gët dru geduecht fir 1985 de 40. Grëndungsdag vun onser Sektioun wiirdeg festzehalen. No der Rémélénger Sektioun am Joer 1984, wëllen och mir an enger historesch a patriotescher Ausstellung dem Publik mat Fotoen an Dokumenter de Liewenslaf vun de Joergäng 1920 bis 1927 weisen.

Datt dat ons geléng wäert, hoffe mir, an dëst dank dem groussen an onermidlechem Asaz vun onse Comitésmembere, Frënn a Sympatisanten. Nëmme hinnen as ze verdanken, wann des Expositioun e Succès gët.

Esou wëll ech an éischter Linn dem Här J.P. Conrardy merci soen. Dank séngem

Weis-Berkeims Diddeléng

groussen a wäertvollem Archiv vu Fotoen, Dokumenter a Material war et ons méiglech an enger zimlech kompletter a chronologescher Reiefollech ons Ausstellung vun 1920 un, opzebauen. Awer och séng Kompetenz, Erfahrung a Kenntnisse wat Fotografie betrëfft, huet ons besonnesch gehollef dem Public eng eemoleg Zesummefassung vun engem Kapitel Diddelénger Geschicht ze weisen.

Vill Verdingschter an der Realisatioun vun dëser Expositioun huet onse Sekretär Benoit Jos. Nët nëmmen, dass hien d'Raim an séngem Haus zur Verfügung gestallt huet, déi ons erlaabt hun a méintelaanger Aarbecht d'Fotoen an d'Dokumente zezusammenzedroen, ze klasséieren an zesummenzestellen, hie war andauernd déi dreiwend Kraaft. Ganz einfach: "cheville ouvrière", ob dat nu Sekretariatsaarbecht, Demarschen oder Verhandlung beträff huet.

Den Entworf vun onsem Erënnerungsteller verdanke mir onsem Caissier Arsène Diederich an deen doeriwuer eraus aktiv un allen Aarbechte wat d'Ausstellung, d'Broschür, d'Plangen an d'Finanzéierung ubetrëfft, deelgeholl huet.

Nët ze verigesse sin awer och d'Komeroden Arend Hubert, Back Jean a Sturm Nic, déi an onopfälliger Klëngaarbecht, souzesoen hannert de Kulissen, déi Aarbecht gemat hun ouni déi et nun eemol och keng Ausstellung gi wär.

Mir waren dofir encouragéiert an onser Iddi, dës bildlech an dokumentéiert Retrospektiv ze maachen, a beroden huet ons dobäi de Präsident vum Syndicat d'Initiative, Félix Haas.

Awer och Leit wéi den Här Eicher Henri, d'Komerode Muller Henri a Schintgen Théid hun ons mat Rot an Dot an Hëllef ënnerstëtzt an erméiglecht dës Ausstellung zu engem Erfolleg ze bréngen.

Nach aner Komerodinnen a Komeroden hun ons gehollef beim Oprichten a beim Preparéieren vun dëser Expositioun, dem Vernissage an der Receptioun. Hir Nimm all ze nenne wär onméiglech a si hun et och bestëmmt nët dofir gemat. Dat as nun eemol Komerodschaft a Solidaritéit! Ouni déi finanziell Mëttele wär et nun och nët méiglech gewiescht dës Manifestatioun op d'Been ze setzen.

An dofir geet onse Merci un all déi, déi de Patronage iwwert d'Ausstellung geholl hun, u Membere vum Comité de Patronage, un d'Donateuren, un ons Membres d'Honneur an un ons aktiv Membere.

De Comité vun den edf, Sektioon Diddeléng, an ech selver, si glécklech wa mir all zesummen et fäerdeg bruecht hun op dësem 40. Anniversaire onser Jugend vun haut eng weider Kéier e Bild ze vermëttelen iwwert déi béis Zäit, déi onst Land am 2. te Weltkrich matgemat huet. Doeriwuer eraus awer och bäizedroen, dass den Affer vun esou villen déi gelidden an hiirt Liewe fir d'Hémecht gin hun, nët vergiess gët a virun allem mathëllefen, dass esou eng Katastroph, wéi mir s'erlieft hun, nët nach eng Kéier op onst fräit Lëtzebuerg erabrécht.

Jos Weirich

Präsident